Theatergrupp Namasté

# Jonk Mammen kommen zu Wuert

*Namasté huet sech bei dësem Dokumentartheater-Stéck strikt un d'Virlage gehalen, déi hinne vun de jonke Mammen zoukomme gelooss goufen. Kee Wuert gouf geännert, awer et gouf ausgewielt, nei zesummegesat, thematesch an zäitlech gegliddert, Parallelismen an och Widdersprëch erausgehuewen an nieftenee gestallt. Et goufe keng besserwësseresch Bewäertungen agebaut, och net duerch d'Spillweis, mä et goung drëm, den Zeie Respekt entgéintzebréngen an den Zuschauer mat den authenteschen Aussoen direkt an onverfälscht ze konfrontéieren, fir e rouegt Ophuelen, Nodenken an Diskutéieren z'erméiglechen. D'Schauspill vun den Actricë selwer war deementspriechend sober an ontheatralesch.*

*Et gouf gespillt vum Catherine Betz, Lara Bousch, Anne-Laure Consbruck, Flavia Marinelli, Sophie Mathieu, Hannah Roland a Kelly Steich. D'Regie louch an den Hänn vum Alex Reuter. D'Textveraarbechtung gouf vun alle Bedeelegte gemeinsam gemaach.*

Stëmm 1: Ech hat 16 Joer, wou ech schwanger gi sinn. Mäi Frënd an ech, mir hunn eis säit engem Mount kannt a mir hunn net verhüt, dat war eis eigentlech egal. Ech hunn hie scho méi laang kannt, meng Eltere kennen hien och, a matt der Pëll hunn ech ëmmer bäigeholl an dorops hat ech keng Loscht.

Stëmm 4: Ech hunn haut 22 Joer. Ech hat 15 Joer, wéi ech mäi klenge Bouf krut.

Stëmm 5: Ech wunnen nach bei menger Mamm a bei mengem Stéifpapp. Ech hu mäin eegene Papp ni kannt. Hien hat sech fortgemaach kuerz no menger Gebuert.

Stëmm 7: Ech sinn dat Jéngst vun 3 Kanner an ech wollt ëmmer grouss sinn.

Stëmm 2: Mat 11 Joer hunn ech meng Regel scho kritt, an ech hu mech grouss gefillt. Ech hat e Frëndeskrees, dee méi al war wéi ech an ech hu mat hinnen ugefaang ze fëmmen an ze kiffen.

Stëmm 3: Meng bescht Frëndin, dat ech säit der Spillschoul kennen, huet mech drop opmierksam gemaach, dass dat net gutt wär, wat ech géif maachen, an dunn hunn ech de Kontakt zu him ofgebrach.

Stëmm 1: Ech hat esou „Normen" a mengem Kapp: mat 16 hues du fir d'éischt Sex, mat 18 plënners du vun doheem eraus...

Stëmm 6: Ech hu geduecht, déi aner géifen dat och esou maachen. Dofir wollt ech dat och esou maachen.

Stëmm 7: Mat 14 hunn ech fir d'éischt mat engem geschlof. Heen hat der 23.

Stëmm 6: Eis Bezéiung huet net laang gedauert, mee säi Frënd huet mer gefall. Ech hunn e bewonnert, well e Guitar gespillt huet. Hien huet och Droge geholl. Dat wosst ech awer net, dat war mer alles onbekannt.

Stëmm 3: Ech war streng gehal, hunn ni däerfen op e Gebuertsdag goen, d'Leit sinn ëmmer bei mech heem komm.

Stëmm 2: Do hunn ech meng bescht Frëndin als Alibi benotzt, fir awer doheem erauszekommen. Ech hu mengen Elteren erzielt, ech wär bei him an hunn esou d'Fräiheet gehat, meng Kollegen ze treffen. Ech war 3 Méint mat mengem Frënd zesummen an hu mech och dunn Sylvester mat him heemlech getraff.

Stëmm 1: Déi Nuecht sinn ech schwanger ginn.

*****

Stëmm 4: Et war esou eng onbeschwéiert Zäit. Ech hu gemaach, wat ech wollt.

Stëmm 7: Kiffen huet fir mech zum Liewen, zum Grouss-Sinn gehéiert.

Stëmm 1: Mir hunn net verhüt. Ech hat net d'Gefill, wéi wann do eppes kéint geschéien. Ech hunn him total vertraut. Ech hat d'Gefill, ech wär grouss an ech wéisst, wat ech wéilt. Ech hunn ni mat mengen Elteren iwwert Verhütung geschwat, och net mat menge Schwësteren. Wat mer an der Schoul haten, war ëmmer vague: Et ass ëm Anatomi gaangen, mee ni ëm Sex. Eréischt op 9e hu mer am Cours iwwert Verhütung geschwat.

Stëmm 5: Do war et ze spéit.

Stëmm 6: Herno hu mäi Frënd an ech net méi vill geschwat, mee et einfach gemaach.

*****

Stëmm 3: Ech sinn ni bei e Gynéco gaang, ech hat vun doheem aus d'Gefill: „Dat mécht een net". Ech wosst, dass et de „Planning" géif ginn, awer ech hu mech ni getraut, dohin ze goen. Ech hat Angscht, anerer géifen et gewuer ginn, et géif ee mech gesinn do eragoen.

Stëmm 5: Et huet mer e Stéck gefeelt: d'Stéck tëschent „Wësse, wat et heescht, grouss a verantwortlech ze sinn" an „Et och wierklech ze sinn".

Stëmm 4: Den Test war ëmmer negativ, mee ech hu meng Regel net kritt an et war mer schlecht, ech hu mech iwwerginn.

Stëmm 6: Am Ufank vum 2. Mount sinn ech mat menger Mamm bei de Gynéco gaangen.

Stëmm 7: Natierlech war et e Schock!

Stëmm 2: Ech hu meng Regel ëmmer regelméisseg kritt. Wéi ech du gemierkt hunn, dass se net géif kommen, do sinn ech bei meng Hausdoktesch gaangen. Si huet mer eng Blutanalys gemaach a mer gesot, si géif mer uruffe, wann eppes wär. Sou sinn ech iwwert Telefong informéiert ginn, dass ech mat 15 e Puppelche géif kréien. Si sot mer: „Du kanns emol bei mech kommen", mee ech hu vu Schreck einfach agehaang.

Stëmm 5: Ech hu mengem Frënd ugeruff. Et war Panik!

Stëmm 7 Meng Eltere wossten näischt. Ech war mat mengem Frënd bei d'Doktesch, a si huet eis déi verschidden Alternativen opgezielt. Si huet eis eng Bedenkzäit gelooss. Fir ze realiséieren, dass ech géif erwaarden, an dann eng Entscheedung ze treffen, dat war onméiglech!

Stëmm 3: Ech hat et just mengem Frënd gesot a menger beschter Frëndin, mat deem ech erëm Kontakt opgeholl hat.

Stëmm 6: Ech hu mech ganz eleng gefillt.

*****

Stëmm 5: Mäi Frënd hung nach un den Drogen.

Stëmm 3: Meng Frëndin ass net domat eens ginn.

Stëmm 7: A meng Eltere wossten näischt.

*****

Stëmm 5 Mäi Frënd hat mer dunn en Heft kaaft, an dat ech alles geschriwwen hunn, wat ech an der Schwangerschaft geduecht a gespiert hunn. Iergendwéi hunn ech et misse lassginn.

Stëmm 2: Wéi ech mech eleng gefillt hunn, hunn ech d'Bibel opgeschloen, wéi ech dat bei menger Mamm heiansdo beobacht hat. An ech hunn do e Sproch gelies, dee mer erëm Vertraue ginn huet.



Stëmm 1: Vun Ufank un hat ech d'Gefill, ech wéilt d'Kand halen.

*****

Stëmm 4: Ech si weider an d'Schoul gaangen. Si hu mech just heiansdo heemgeschéckt, wann et mer erëm schlecht war.

Stëmm 7: Ech hu probéiert et ze schlécken, et war net evident, och an der Schoul. Am Ufank wollt ech ofdreiwen, mee ech hunn et net iwwert d'Häerz bruecht, schliisslech konnt d'Kand jo näischt dofir.

Stëmm 3: Wat ech net wosst, war, dass meng bescht Frëndin senger Mamm weidergesot hat, dass ech schwanger wär. A seng Mamm huet du menger Mamm ugeruff, fir ze froen, op dat wouer wär.

Stëmm 6: Wéi ech dunn eng Kéier aus der Schoul heemkomm sinn, souze meng Elteren um Kanapé. Si ware wäiss am Gesiicht a si hu mech gefrot: „Stëmmt dat?" Ech sot: „Wat?" An dunn einfach: „Jo!"

Stëmm 2: Meng Mamm ass ausgeflippt a mäi Papp huet kee Wuert erauskritt. E puer Méint laang huet hien net méi mat mir geschwat. Dat huet am wéiste gedon.

Stëmm 7: Meng Mamm huet sech gefrot, wat déi aner géife vun eis denken. Ech hu mech wierklech gefrot: „Bass Du hinnen esouvill wäert, dass si esou reagéiert?"

Stëmm 5: Meng Eltere wollten eng Plainte maachen, well hien 9 Joer méi al ass.

Stëmm 4: Ech wollt awer mat him a mat mengen Eltere schwätzen. Ech hu vun enger Famill gedreemt, ech hat hien iwwert alles gär. Hien ass och dunn emol mat bei mech heemkomm –

Stëmm 2: – mee meng Mamm huet direkt gejaut, éier hien eppes gesot hat. Hien ass du gaang. – An ech hunn hinnen alles virgeworf, wat ech hinne schon ëmmer eng Kéier wollt soen.

*****

Stëmm 2: Meng Elteren hu mech dunn awer ënnerstëtzt. Mäi Papp huet mech no 3, 4 Méint an den Aarm geholl a mer gesot: „Ech hunn dech awer gäer."

Stëmm 5: Mäi Frënd ass iergendwéi net aus den Drogen erauskomm.

Stëmm 1: Mee ech sot him, ech géif dat Kand kréien, ob mat him oder ouni hien.

Stëmm 5: Meng Elteren hunn d'Plainte du fale gelooss an him ab dem 5. Mount erlaabt, bei eis ze kommen.

Stëmm 6: Mee et war fir mech méi eng Belaaschtung, wéi dass et mir gehollef hätt.

Stëmm 7: Et war mer zevill.

*****

Stëmm 2: Ech hunn zu deem Zäitpunkt op enger Aarbecht ugefaang gehat a war nach an der Proufzäit. Den Dag, nodeems ech hinne matgedeelt hunn, dass ech e Puppelche géif kréien, hu si mech erausgehäit! Ech hat mer geduecht, et wär am Beschten éierlech ze sinn, soss hätt ech et eben och gemaach wéi déi aner, déi waarden, bis se d'Proufzäit hannert sech hu, fir et ze soen.

Stëmm 3: Am Ufank krut ech kee Chômage, well ech nach net laang genuch geschafft hunn. Eréischt wou ech am 8. Mount war, hunn ech Chômage kritt. Déi ganz Zäit dertëschent hat ech keen Frang, well ech och ni Suen op d'Säit geluecht hat.

Stëmm 4: Wat mech während der Schwangerschaft am meeschte gestéiert huet, dat waren d'Blécker vun de Leit.

Stëmm 7: De Fraendokter war och ganz komesch. Ech hunn en net ganz professionell fonnt. Sou wéi wann e mer wéilt soen: „O freck, du bass awer jonk!"

Stëmm 6: Hie sot mer, wann ech d'Kand net wéilt, misst ech anzwousch anescht goen.

Stëmm 1: D'Schwangerschaft war OK. Ech hu virun engem Mount mäi Puppelche kritt. Ech hat e bëssen Angscht, et giff e klenge Puppelche ginn, well ech hu gefëmmt.

*****

Stëmm 2: Et ass tëscht 9 an 10 Auer owes lassgaang. Um halwer 12 hat ech staark Wéien an hu Blutt verluer, an do hunn ech d'Péridural gefrot. Um 4 Auer an der Nuecht war mäi Puppelchen do, ech hu misse geschnidde ginn.

Stëmm 5: Ech giff kee Kand méi wëllen.

Stëmm 3: Ech hu mäi Joer gepackt an am September accouchéiert. D'Gebuert war net ganz einfach. Ech hat 3 Deeg lang Wéien. Ech hat eng léif Hiewan. Si huet vill geschwat, si huet mech berouegt. Ech hunn eng Peridural gefrot, well ech et net méi gepackt hunn.

Stëmm 2: Meng Mamm war bei mir fir d'Gebuert.

Stëmm 5: Mäi Frënd war an der Therapi.

*****

Stëmm 7: An der Maternité hunn déi eng normal reagéiert, déi aner hu sech gefrot: „Wéi op et duergoen?“ Foffzéng war fir jiddfereen ze fréi.

Stëmm 4: Ech war eng Woch an der Maternité. Ech hu gestëllt. Ech hat esouvill Mëllech, dass ech mech gefillt hu wéi eng Kou. Ech hunn dunn eng Entzündung an d'Broscht kritt a wollt ophale mat Stëllen, awer de Fraendokter wollt mer näischt gi, fir opzehalen. Ech hu mech net respektéiert gefillt an hunn den Dokter gewiesselt.

Stëmm 3: An der Maternité hunn ech dunn och meng Frëndin erëm gesinn. Ech hat mech esou vun him verrode gefillt, dass ech all Kontakt ofgebrach hat. Ech hu verstan, dass hatt senger Mamm et gezielt huet, well hatt net domat eens ginn ass.

*****

Stëmm 5: Mäi Frënd ass iergendwann du pëllenofhängeg ginn a verbal aggressiv. An do war fir mech Schluss. Ech sot him: „Wanns du wëlls, dass eise Jong opwiisst wéis du, da maach esou weider!“ Ech hunn de Kontakt ofgebrach.

Stëmm 1: Iergendwéi hat ech awer nach ëmmer d'Hoffnung, deem Klenge säi Papa géif et packen, aus den Drogen erauszekommen.

Stëmm 2: De Papp vum Puppelchen ass e Mount no der Gebuert zeréckkomm. Hien huet et a Fro gestallt, dass hien de Papp sollt sinn. Mir hu kee „Vaterschaftstest“ gemaach, well ech net wollt, dass hie mengt, et géif mer ëm d'Sue goen. Hien huet eist Meedchen och net unerkannt.

Stëmm 4: An der Belsch schéngt et en neit Gesetz ze ginn, laut deem e Papp während 15 Joer awëllege muss, e „Vaterschaftstest“ ze maachen. Och wann hien d'Kand net unerkennt, muss hien dann awer finanziell fir d'Kand mat opkommen.

Stëmm 5: Ech hat kee Vertraue méi an hien, an eis Hochzäitspläng si begruewe ginn. An trotzdeem wëll ech net, dass mäi Meedchen ouni Papp ass. Ech wëll net, dass hatt datselwecht erlieft wéi ech.

*****

Stëmm 6: Ech hunn am Dezember als „Élève libre“ erëm ugefaang an d'Schoul ze goen. An der Schoul hat ech Privilegien: Ech krut gesot, dass, wann ech déi 2 lescht Trimestere géif packen, da géif mäi Joer awer ugerechent ginn. Ech konnt d'Prüfunge matmaache, wann ech konnt.

Stëmm 7: Ech sinn an de SPOS geschéckt ginn, mee si hu sech zevill agemëscht a wollte méi wësse, wéi dat, wat ech ziele wollt. Dass si meng Proffen informéiert hunn, hunn ech als Vertrauensbroch erlieft. Ech hu fonnt, dass dat meng Proffen näischt géif ugoen.

Stëmm 2: Schlussendlech war d'Zesummenaarbecht mam SPOS awer gutt, well mer zesumme Léisunge fonnt hunn.

Stëmm 1: Mee ech hu fonnt, ech hat net genuch Zäit, fir mäi Puppelchen. No 2 Méint hunn ech dunn opgehal.

*****

Stëmm 6: Ech hu keng Hiewan gehat, déi heem no mer kucke komm ass, well ech hunn a Këschte gelieft bei mengen Elteren. Ech hat net genuch Plaz. Alles war a Këschten an ech hat Angscht, si giffe mer d'Assistante sociale schécken a mir d'Kand ofhuelen.

Stëmm 3: Duerch d'Schwangerschaft huet mäi grousse Fréndeskrees sech op 4 reduzéiert. Wann et der schlecht geet, gesäis de, ween nach iwwregbleift! Déi falsch Frënn falen ewech.

Stëmm 5: Ech hunn 3 Méint no der Gebuert erëm e Frënd kennegeléiert. Fir hie war et kee Problem, dass ech e Puppelchen hätt.

Stëmm 4: Mee no 4 Joer ass déi Bezéiung och an d'Brëch gaang, a momentan wëll ech keng Bezéiung. Ech traue mech net méi, och fir mäi Jong.

*****

Stëmm 7: Säit hien an d'Spillschoul geet, freet hien no sengem Papa, an ech probéieren him ze erklären. Hie seet: „Mäi richtege Papa kennen ech net an deen aneren ass elo frou mat engem aneren."

Stëmm 3: Phaseweis stellt mäi Jong Froen. Hien huet e Frënd, wou hien heiansdo hingeet a wou en eng „Famill" erlieft. De Papp huet eng wichteg Roll. Ech bereien elo, dass ech him keng Famill bidde kann. Ech muss béides sinn. Ech fäerten, dass hie mir emol wärt soen: „Et ass deng Schold!" Et kann och sinn, dass him näischt feelt, ech weess et net. D'Erzéiung ass schwéier, well d'Boma an de Bopa e verwinnen.

Stëmm 4: E Puppelche kascht! Eleng nëmme fir säin Iesse ginn ech 290 Euro de Mount aus!

*****

Stëmm 1: Kierperlech Bezéiungen waren dono schwéier. Ech war iwwervirsichteg. Ech hu mech net gutt gespiert, hat ëmmer d'Angscht „net nach emol!" Et war och schwéier fir mäi Partner, fir dat matzeerliewen.

Stëmm 4: Ech hunn dono d'Pëll geholl a mat Kondom verhüt.

Stëmm 6: Wa mäi Frënd domat net averstanen ass, da muss en eben trëppelen.

Stëmm 5: Nach eemol wëll ech net schwanger ginn, ech hu mer awer meng ganz Jugend verschass.

Stëmm 2: Ech hat nach souvill viru mer – Partyen an esou weider –, lo kann ech dat net méi maachen. Wanns de eleng do stees mam Puppelchen, dann ass deng ganz Jugend futsch, du bass gebonne mam Puppelchen. Ech hu keng Schoul gemaach, kee Beruff. Ech hätt mir eng kleng Famill gewënscht, wann ech bis schaffe gaange wär.

*****



Stëmm 1: An trotzdeem sinn ech stolz drop, Mamm ze sinn. Ech si frou, och wann et mega stresseg ass, mee doru gewinnt ee sech.

Stëmm 6: Am Ufank war ech bal mat den Nerven zesummegebrach, mäi Meedchen huet déi ganzen Zäit gekrasch, an ech hunn net verstane, wat et hat.

Stëmm 4: Wann ee mer vu Schwangerschaft, Gebuert an Erzéiung vum Kand gezielt hätt, hätt ech et net souwäit komme gelooss.

Stëmm 7: Wann ech emol eent gesinn hätt, wat och accouchéiert huet, an de Stress, deen et mat sech bréngt, e Puppelchen ze hunn ...

Stëmm 2: Wanns du et esou gesot kriss, da sees de: „Jo, jo, looss dat mol schwätzen ... Wanns du et selwer erliefs, da méchs du der aner Gedanken.

Stëmm 5: Et huet kee mer gesot, wéi den Hues leeft.

Stëmm 6: Du kriss vu jidderengem gesot, du solls oppassen, net schwanger ze ginn. Dat geet der mat der Zäit esou op de Geescht, datts du rose gëss.

Stëmm 3: Ech giff fannen, mir misste mol e Film iwwert d'Schwangerschaft gewise kréien an dono emol mat an d'Salle d'accouchement.

Stëmm 4: Meng Kusinn war och esou wäit, mat 15 Joer. Hatt wollt net méi an d'Schoul goen a sech e flott Liewe maachen. Ech hunn him gesot, et sollt mol fir eng Woch bei mech wunne kommen a sech déi Saach ukucken. Hatt sot mir dono : „Jo, du hues Recht, et ass nach net de Moment fir mech, fir e Puppelchen ze kréien.“

*****

Stëmm 6: Ech fannen, dass mir vill méi fréi hätte missen opgeklärt ginn.

Stëmm 1: Oppend Gespréich ass wichteg.

Stëmm 7: D'Eltere mussen och emol opgeklärt ginn, dass hir Kanner net méi mat Poppe spillen.

Stëmm 2: Obschon! Ech hätt mir vu mengen Eltere wahrscheinlech näischt soe gelooss. Vun der Schoul och net onbedingt.

Stëmm 4: D'Opklärung kéint ee scho mat der Schoul verbannen, awer den Haaptsëtz soll net an der Schoul sinn.

Stëmm 6: An der Schoul sinn ech net opgeklärt ginn. Mir hu vu Molekülen an Zelle geschwat an der Bio.

Stëmm 5: D'Proffe ware schockéiert, well ech zevill wosst.

Stëmm 3: An virun allem net ze spéit opklären!! Mat 12 géif ech gutt fannen. Ech hu mengem Jong schon en Opklärungsbuch kaaft fir 6- bis 9-jähreger. Et ass zevill léif gemaach! An ech äntweren him op seng Froen.

Stëmm 1: Ech wäert häerno alles maache, fir datt mäi Meedchen eng Kéier sech e Mammen-Kanner-Heem kann ukucke goen. An datt hatt d'Pëll hëlt a mengem Alter, fir datt et kee Kand kritt, éier et e Frënd, eng Aarbecht an eng Wunneng huet.

Stëmm 3: Ech wäert et richteg gutt opklären.

*****

Stëmm 2: Wat ee mat de jonke Pappe maache muss, dat weess ech allerdings och net!

*****

Stëmm 5: Et ass ganz individuell, wéi ee mat senger fréier Schwangerschaft eens gëtt.

Stëmm 6: Ech sinn dru gewuess, anerer ginn dru futti!

Stëmm 1: Et ass wonnerschéin, Mamm ze sinn.

Stëmm 4: Mee ouni Réckhalt geet et net.

Stëmm 7: Et ass traureg, dass souvill Leit un esou eppes Schéinem futti gaange sinn.